




gringgo.lu

Gringgo.lu

Eng gemeinsam nohalteg Vermaartungsplattform

Gringgo war bis elo bekannt als Onlineshop www.gringgo.lu, eng fair, solidaresch an ökologesch Vermaartungsplattform fir d'Produiten an d'Déngschtleeschungen aus de Re-giounen, eng Aart online-Oeko-Foire.

Dës Plattform férdert d'Relatiounen tëschent Produzenten a Konsumenten. Leit, déi méi bewusst wëlle konsuméieren, hunn hei d'Méiglechkeet sech z'informéieren, sech z'orientéieren an och direkt anzekafen. Aus-serdeem kann d'Veрмаartungsplattform fir d'Produiten an d'Déngschtleeschungen och vun Associatiounen, Kooperativen a Veräiner genotzt ginn.



Wëllt Dir méi gewuer ginn an investéieren da mellt lech bei:

Gringgo s.c.

6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich
T 671 025 650
E info@gringgo.lu

www.gringgo.lu

GEWËNN MAT SËNN
Gringgo



Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.



Investéiert a Gringgo,
investéiert an eng
nohalteg Region!


GEWËNN MAT SËNN
Gringgo



REGIOUN


D'Gringgo Visioun fir d'Regioun

Mir sinn der Iwwerzeugung, dass mir déi global Erausforderunge léise kënnen, wann sech d'Bierger zesummendinn an an hire Regiounen aktiv ginn. Gringgo investéiert an d'Regiounen, fir datt nei Betriber sech kënnen installéieren, kleng a Familljebetriber weiderhi Perspektiven hunn an Handwierskabetriber erhalen bleiwen.

- 
Gefördert gëtt virop eng gesond nohalteg Entwécklung vun engem regionale stabillen Netzwierk tëscht Produktioun, Handel a Verbraucher. Dëst mécht eis Regiounen fit fir eng liebenswäert Zukunft.

Gringgo, eng "Regionalwert AG" fir ganz Lëtzebuerg!

Op d'Pionéierarbecht an déi geliefte Philosophie am Kanton Réiden opbauend, gëtt iwwer Gringgo den an Däitschland bewäerte Modell vun der "Regionalwert AG" zu Lëtzebuerg ëmgesat, dat mat der finanzieller Ënnerstëtzung vu Leader Atert Wark an dem Ëmweltministère. De Prinzip "Regionalwert AG" ass e lokaalt solidarescht Investitiounsinstrument a Form vun enger Bierger-Kooperativ.

- 
D'Ziler sinn d'Stärkung vun der nohalteger regionaler Ekonomie an d'Schafe vun engem gesellschaftleche Méiwäert op eng fair, ökologesch a participativ Manéier.



All Bierger ka Kooperateur bei Gringgo ginn!

Investéiert och Dir a regional Biergerparten

Iwwert eng oder méi Parten (200 €/Part) kann een sech u Gringgo s.c. bedeelegen an esou och un nohaltege Projete vun Entreprises aus de Regiounen vum Land. Dës Projete ginn op Grond vun ekonomeschen, ökologeschen a soziale Krittere vu Gringgo ugeholl. Als Kooperateur ass ee mat de regionale Betriber vernetzt a profitéiert doduerch finanziell an och a sengem Alldag vum zukünftege wirtschaftlechen Erfolleg vun der regionaler nohalteger Wirtschaft.